



Landwirtschaft: bëlleg oder fair?

Eis Butteker si voll mat bëlleger Mëllech a Jughurt. Datt dat eemol anescht war kann sech bal kee méi erënneren! Deemools sinn et an Europa nach Grenze ginn. Sinn elo, wéinst dem „gemeinsame Markt“, d'Mëllech a soss lesswuerre Produkter wéi all aner?

Et gött vill a gutt Grënn, d'Landwirtschaft zu Lëtzebuerg mat hire Familjebeträiber ze erhalen an ze ënnerstëtzen. D'Bauere këmmere sech ëm eis Landschaft. D'Bauere sinn oft déi lescht ekonomesch, sozial a politesch Stäip am ländleche Raum. D'Lëtzebuenger Bauere halen net op, sech unzepassen.

Europa a Lëtzebuerg hate Milliarden fir d'Banken ze retten. Elo soll mat e puer Milliounen de Präisverfall op de Landwirtschaftsprodukter opgefaange ginn! Nieft der Politik steet och de Konsument an der Verantwortung. Och de bëllege Präis huet e Präis, an deen ass net bëlleg. Ass e Bauerebetrieb op eemol zou, da bleift en zou. Do geet et ëm méi wéi d'Existenz vun der (Bauere-)Famill, et geet och ëm eis Landschaften an ëm Qualitëtsprodukter aus der Region.


Stramme Wuesstem an nei Scholden

Wéi e Lëtzebuerg wëlle mir? Dës zentral Fro misst dréngend op engem „Zukunftsdësch“ beäntwert ginn. D'Fro riicht sech net nëmmen un d'Politiker mee un all „forces vives“ am Land, wéi och un all Bierger. Wëlle mir e Land mat iwwert enger Millioun Awunner? A wa mir dat net wëllen, wéi eng Moossnamen, an och eventuell wéi eng perséinlech Aschnëtter, si mir bereet als Bevëlkerung matzedroen, fir manner Wuesstem géint méi Liewensqualitéit anzetauschen?

De stramme Wirtschaftswuesstem generéiert net genuch Steierrecetten, fir seng eegen Nofolgekäschten ze decken. Dës Erkenntnes ass fir eist Land net nei, gött awer vun der aktueller Regierung komplett ignoréiert.

Wéi aneschter loosse sech soss hir rezentAussoen, zum Beispill bei de Rieden zur Lag vun der Natioun an der Chamber, erklären? D'Gambia-Koalitioun kennt nëmmen eng Richtung: déi vum stramme Wuesstem! An dat, obschonns déi Gréng mat vun der Partie sinn. Haten déi net och eemol en Zukunftsdësch gefuerdert? Haut sinn si et, déi eis Beem ofseeën an eis Gréngzonen zoubetonéieren.

Eis Kanner, déi haut mat hirer Schoul fäerdeg sinn, wäerte géint 2060 den Aarbechtsmarkt verloossen. Gleewe mir



Graphik ADR - Source: Programme de stabilité et de croissance

de Projektione vum Stavec, bräichte mir dann, beim Szenario „haut“ (bei 3% Wuesstem) 635 000 Aarbechtsplazen. Beim Szenario „haut +++“ (bei 4% Wuesstem) géifen 2060 ronn 750 000 Leit zu Lëtzebuerg eng Schaff hunn. Haut sinn et der 415 000! An enger Projektion vun Eurostat kënn Lëtzebuerg am Joer 2060 op iwwert 1,1 Milliounen Awunner.

D'Zuelen, déi d'Regierung bei der Lag vun der Natioun op den Dësch geluecht huet, ginn tëschent 2016 an 2020 vun enger Moyenne beim Wuesstem vun 3,6% aus, also tëschent den Szenarii „haut“ an „haut+++“! Trotz (oder wéinst)

dësem Wuesstemsfetschismus muss de Staat weider Sue léinen, fir de Budget vum Zentralstaat am Equilibre ze halen, an zwar ronn 1 Milliard pro Joer! Och eise Pensiounssystem, deen op den unbegrenzte Wuesstem vum Aarbechtsmarkt opbaut, rennt iergendwann an eng Mauer.

„Ass de Wuesstem d'Léisung vum Problem, oder ass et de Problem“, huet de Gast Gibéryen an der Chamber gefrot. D'ADR wëll eng besser Zukunft fir dëst Land, an ass bereet, hir Léisungen zu dësem Froe virzestellen a mat an déi politesch Diskussioun afléissen ze loosse.